Grëndungsversammlung

Zäitclub“ (Tauschring)



No enger Informationsversammlung iwert d’Initiative Tauschreng, war een Dënsdig den 20.März am Centre culturel eng Versammlung wou eng Reih interesséiert Leit sech engagéiert hun fir zu deser Initiativ eng **“Association sans but lucratif“** Asbl ze grënden.Hei hun sech eng Reih Leit gemellt fir an de Verwaltungsrot (Comité) vun dëser neier Asbl..

Hei nach puer Informatiounen zur Fro : **Wat ass dat - een “Zäitclub** “ ?

Een Zäitclub as eng Asbl, wou Dengschtleeschtungen, Wëssen a Saachen tëschent Memberen getosch gin. An daat **ouni** Suen ze benotzen.

Wéi geet dat ?
E puer Mol am Joer kënnt eng “Zeitung “ mat de Memberen hiren Offren an Demanden eraus.
Wann eppes een interesséiert, da mellt een sech bei deemjéinigen. Deen dat ubitt oder sicht.
Et gëtt nët direkt eng Sach géint eng aner getosch, mä de Wàert gëtt op engem Tauschbong festgehal, deen een duerno un den “Zàitclub schéckt, wou de Memberen hir Konten gefouert ginn.

Fir de Wäert vun enger Déngschtleeschtung oder enger Saach duerzestellen, gëtt eng fiktiv Tauscheenheet benotzt.

Wien wëllt Member vum Zäitclub gin, kann den nofolgenden Abschnitt ausgefëllt un folgend Adress schecken **: Fél.Schannel, 9 Haaptstrooss L 9360 Brandenbourg**.
Mir kontaktéieren Iech fir déi néideg Info’s an Détailler. –Merci
……

Numm +Adresse :_____

Tel._____Fax :_____Email :_____well Member gin am “Zàitclub “

_____

(Ennerschrëft)